



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. November 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Esou wéi et an enger Pressematdeelung vun der Regierung vum 11. Februar 2022 heescht, huet Lëtzebuerg zu deem Ablack als éischt Land vun der Welt ugefaangen "Stéchprouwen" vum COVID-19 un den neie "BioHub" vun der WHO ze iwermëttelen. Als zoustänneg Institutioun gouf de Laboratoire National de Santé (LNS) genannt. Zu deem Zäitpunkt huet den LNS der nammlecher Matdeelung no iwwert seng LuxMicroBioBank iwwert Donnéeë vu 37.000 Stéchprouwe verfügt.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Goufen d'Lëtzebuenger Bierger op deenen hir PCR-Tester déi genannt Stéchprouwen zeréckzeféieren sinn, den Ablack vum Test respektiv nodréiglech doriwwer informéiert, datt hier Donnéeën un eng drëtt Partei géifen iwermëttelt ginn? Falls jo, iwwert wéi eng Recoursméiglechkeete verfügen si, respektiv kënnen si erwierken, datt hir Donnéeën nodréiglech geläscht ginn? Falls net, firwat net? Kann d'Madamm Minister an deem Zesummenhang elaboréieren, op wéi enger dateschutzrechtlecher Basis dës Decisioune berouen?
- 2) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi een Typ Donnéeën Identitéit, Adress, medezinesch Donnéeën, DNA asw.) vu Lëtzebuenger Bierger a wéi vill bis ewell un de BioHub vun der WHO iwermëttelt goufen an an deem Zesummenhang preziséieren a wéi engem Rechtsdokument de weideren Asaz vun dësen Donnéeë gereegelt ass? Op wéi eng Manéier ass séchergestallt, datt dës Donnéeën dauerhaft just fir Forschungs- awer nimmools fir kommerziell Zwecker agesat ginn?
- 3) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi en Afloss d'Resultat vum PCR-Test op d'Iwwermëttlung vun dësen Donnéeën hat? Goufe just Donnéeë weiderginn, wa souwuel de PCR-Test wéi d'Géigeprouf duerch den LNS positiv waren, wann den éischte PCR-Test positiv war oder och wa sämtlech Tester negativ waren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten